

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landesplanung weiderzeleeden:

„Am Kader vun der Interpellatioun iwwer d'Entwécklung vum ländleche Raum vum 17. Mee 2023 hat den Här Landesplanungsminister a senger Interventioun ugedeit, datt hien amgaang wier ze préiwe fir an der Kantonalhaaptuertschaft Réiden eng Aart "Guichet unique" anzeriichten, an deem staatlech a kommunal Zerwisser ugebuede kéinte ginn, fir sou de Biergerinnen a Bierger Hëllefstellunge bei administrativen Dénsgchter unzebidden.

An deem Kontext wollt ech dem Här Landesplanungsminister folgend Froe stellen:

- *Wéi wäit ass de Projet vun der Ariichtung vun engem "Guichet unique régional" am Dénsgcht vum Kanton Réiden scho fortgeschrott? Ass et méiglech fir d'Konzept vun esou engem Guichet kuerz ze beschreiwen?*
- *Wat fir administrativ Zerwisser géifen do genee ugebuede ginn?*
- *Gëtt et änlech Projekte fir d'Kantone Clierf, Wooltz, Veinen an aner méi ländlech geprägte Géigenden an eisem Land?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu